

Schon nees: D'Natureschoul op Youtube!

Gitt op Youtube eisen zweete Film kucken : De Marc am Fréijorsbësch

Hei de Link:

<https://www.youtube.com/watch?v=p8rXULOYxBM&feature=share>

Wann der eise Film genee kuckt a gutt nolauschtert, fannt der all d'Äntwerten fir eisen neie Quiz.

1. Firwat kréien d'Frühblüher vill Energie?
 - well d'Sonn fréi am Fréijoer net sou laang um Himmel ass wéi am Summer
 - well et fréi am Fréijoer heiandsdo méi reent wéi am Wanter
 - well fréi am Fréijoer nach net vill Blieder vun de Beem Schiet op d'Bléi man
2. Wéi heescht den Aronstab op Lëtzebuergesch?
 - Ieselsfouss
 - Ieselsouer
 - Ieselsblumm
3. A wéi engem Deel vum Veilchen ass am leschte Summer scho vill Energie gespäichert ginn?
 - am Rizohm
 - am Risom
 - am Rhizom
4. Firwat heescht de "Waldmeister" op Lëtzebuergesch "Meekraitchen"?
 - well e gär vu Geesse gefriess gëtt, di da "mää määä" jätze vu Freed
 - well en am Mee blitt
 - well ëmmer vill Mécken drop sätzen
5. Géint wéi eng Krankheet ass di kleng Fräscheblumm fréier geholl ginn?
 - géint Krankheete, well een net genuch Vitaminnen hat
 - géint Krankheete vun de Longen
 - géint Krankheeten duerch ze vill Sonn
6. Wat bedeit et, wann ee klengt Kräiz bei enger Planz am Bestëmmungsbuch steet?
 - si wisst um Kierfecht
 - si wisst op Kräizungen
 - si ass gëfteg

